ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 14. Abrëll 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister weiderzeleeden.

Lëtzebuerg huet am Joer 1997 den TCE-Accord(Traité sur la charte de l'énergie) ratifizéiert. Dësen internationalen Accord erlaabt et den Entreprisen aus dem Energiesecteur, fir kënnen déi staatlech Energiepolitik op geriichtlechem Wee unzesichen, falls déi an eng Richtung sollt goen, déi en negativen Impakt op d'Wirtschaftlechkeet vun de genannten Entreprise sollt hunn.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Minister:

1. Respektéiert d'Regierung weiderhin a vollem Mooss déi Engagementer, déi Lëtzebuerg mat der Ratifizéierung vum TCE-Accord geholl huet?
2. Den Accord soll an nächster Zukunft iwwerschafft ginn. Wat ass d'Positioun vun der Lëtzebuerger Regierung am Kontext vun deene Verhandlungen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

Fred Keup
Deputéierten